ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Abzocke im Ambulanz-Taxi" deen den 11. November an der Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek publizéiert gouf, ginn eng Rei presuméiert Méssstänn bei eise privaten Ambulanzentaxie beklot. Laut deem Artikel muss en Ambulanzentaxi keng hygieenesch oder technesch Mindeststandarten anhale, fir eng entspriechend Lizenz ze kréien. Des Weidere kämpfen d'Leit deelweis mat immens héijen Tariffer, déi si nëmmen deelweis rembourséiert kréien, och dann net, wann si ënnerwee si, fir eng Booster-Impfung ze kréien.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Sozialminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister déi uewe genannt Informatioune confirméieren? Wa jo, wéi reagéiert si dorop?
2) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, no wéi enge Modalitéiten eng Faart mam Ambulanztaxi rembourséiert gëtt? Ass an nächster Zäit eng Upassung vun den Tariffer geplangt? Wann net, firwat net?
3) Kann d'Madamm Minister gegeebenenfalls elaboréieren, firwat Ambulanzentaxien net iwwert eng medezinesch Grondausstattung musse verfügen, zum Beispill fir éischt Hëllef ze leeschten?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten